

Lieserbréif:

Et geet duer mat deenen onsënnegen Attacken op eist Pensiounswiesen

Et geet elo duer, ëmmer erëm

- déi aktuell Pensionäre géint déi zukünfteg Pensionärgeneratioun auszespillen.
- ze soen, datt déi aktuell Pensionären d'Pensiounskeess géifen ausrauben.

Och d'Pensionäre vun haut hu méi ewéi 40 Joer zum Räichtum vun der Pensiounskeess bäigedroen.

Mär erënneren drun, datt d'Pensiounsreform vun 2013 virun allem och d'Pensionäre vun haut getraff huet andeems:

- den Index an den Ajustement manipuléiert gi sinn.
- eng Tranche vum Ajustement vun 1,5% vun 2013 geklaut ginn ass.

D'Pensiounsreform, déi vun der leschter Regierung agefouert gouf, gesäit weider Verschlechterunge beim Ajustement an d'Ofschafe vun der Joresprime („allocation de fin d'année“) vir.

Wat sollen déi onsënneg Attacke vu Bréissel, vun denen internationalen Organisatiounen a verschiddene Parteeie géint den aktuelle Rentensystem, dee säit iwwer 100 Joer op de Solidaritéitsprinzip baséiert ass, an dee gutt fonctionnéiert, fir datt d'Leit am Alter eng uerdentlech Liewensqualität hunn an hir Kafkraaft garantéiert ass?

Och Rentner, déi ee ganz Liewe cotiséiert hunn, hunn d'Recht op en adequat Liewen am Alter!

An d'Rentner brauchen am Alter staark Pensiounen, haaptsächlech wa si krank a fleegebedierft ginn, well d'Präisser vun den Alters- a Fleegeheemer onerdréiglech héich sinn.

D'Aussoen, datt d'Renten laangfristeg net ze finanzéire sinn an déi Diskussioun iwwert eng Rentemauer si baséiert op Projektionen, déi sech bis haut alleguerten als falsch erweisen hunn.


Déi aktuell Finanzreserve vun der Pensiounskeess leien iwwert 17,8 Milliarden Euro, an dat entsprécht 4,53 Mol d'Joresausgabe vun der Pensiounskeess, Tendenz steigend, an den „Taux de répartition“ läit bei 21,9 % also mécht d'Pensiounskeess ouni de „Fonds de compensation“ (FDC) ee Benefice vun 2,1% pro Joer.

Also kee Grond zur Panik a keen direkten Handlungsbedarf, wéi verschidden Perséinlechkeeten et prekoniséieren! Natierlech soll een d'Finanzëntwécklung vun de Pensiounen am Aa behalen.

Et gött een dat Gefill net lass, datt déi Angschtmaacherei just zu politeschen Zwecker genotzt gött, fir eisen öffentleche Pensiounssystem ofzeschwächen.

A stylized, handwritten signature in black ink, consisting of a large, sweeping loop followed by a smaller, more intricate flourish.

Carlos Pereira
OGBL-Sozialsekretär

A handwritten signature in black ink, written in a cursive style that reads "Henri Kremer".

Henri Kremer
President vun der OGBL-Pensionéiertenabteilung